



**Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn a vum Verdedegungsminister Francois Bausch op d'parlamentaresch Fro no. 6390 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

**Äntwert op d' Fro 1**

D'Regierung suivéiert d'Situatioun a steet am Kontakt mat hire litauische Homologuen, souwéi mat allen aneren EU-Memberstaaten a mat der EU Kommissioun. De President vun Litauen an den Héije Verrieder vun der EU fir Aussen- a Sécherheetspolitik, den Här Josep Borrell, hu kloer gemaach, datt déi litauesch Administratioun d'Richtlinne vun der Europäescher Kommissioun am Aklang mat den EU-Sanktiounen ëmsetzt.

**Äntwert op d' Fro 2**

Wéi an der Äntwert op déi éischt Fro gesot, huet Litauen d'Richtlinne vun der EU Kommissioun am Aklang mat den EU-Sanktiounen ëmgesat. D'Kommissioun huet den 13. Juli 2022 nei Richtlinnen erausginn. Dës Richtlinne präzisieren datt den Transit vu sanktionéierte Gidder duerch den Territoire vun der EU op Kaliningrad iwwert d'Strooss net erlaabt ass. Fir de Schinnentransport gëtt et allerdéngs kee spezielle Régime deen dëst verbitt. Den Transit vu sanktionéierte Militärgidder, Dual-Use Gidder an Technologie wéi si an dem Règlement (EU) 2021/821 definéiert sinn, bleiwen verbueden.

Dëst hieft d'Verpflichtung vun de Memberstaaten awer net op all Form vun Ëmgoen vun den Sanktiounen ze verhënneren. D'Autoritéite vun de Memberstaaten sollen dofir geziilt, proportional an effektiv Kontrolle maachen an aner passend Moosnamen ergräife fir e Verstouss géint EU-Reglementer ze verhënneren. Dofir sollen d'Memberstaate och kontrolléieren, datt d'Transitvolumen am Aklang bleiwe mat den historeschen Duerchschnëttswäerter vun de leschten dräi Joer, an datt et do keng ongewéinlech Fluxen oder Handelsmuster ginn, déi op en Ëmgoe vun den Sanktiounen hiweise kéinten. An esou engem Fall sollen d'Memberstaaten all néideg Moosnamen huelen déi an der europäescher Gesetzgebung virgesi sinn, inklusiv de Refus vum Transit an d'Festhale vun de betraffene Wueren.

**Äntwert op Fro d' 3**

Als Reaktioun op d'Verschäerfung vun der Sécherheetslag un hirer Ostflank huet d'NATO eng Rei Mesure getraff, ënner anerem en Opstocke vun Truppen, och a Litauen. D'Verschlechterung vun der Sécherheetslag geet zeréck op déi äusserst brutal a vëlkerrechtswiddreg Aggressioun vu Russland géigeniwwer der Ukrain. D'lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt all d'Mesuren, déi vun der NATO geholl goufen an huet dofir och net wëlles d'lëtzebuerger Zaldoten aus Litauen ofzezéien.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2022

(s.) Jean Asselborn

Aussen- an Europaminister